

Emweltberodung Lëtzebuerg asbl

Tätegkeetsbericht

2019



Inhalt

Virwuert vum Präsident.....	4
Eis Missiounen an Aufgaben	6
1. Mir sinn ?.....	6
2. Mir maachen ?.....	6
3. Eist Doheem	7
4. Neien Internetoptrëtt	7
Team EBL	8
Versammlungen an Treffen	12
Kampagnen a Projeten	13
1. Kampagnen.....	13
1.1 Ouni Pestiziden	13
1.2 Ech kafe clever	16
1.3 Transforma.....	17
1.4 Green Web.....	18
1.5 NoBe.....	19
1.6 Littering.....	21
1.7 Energie [light].....	23
2. Projeten.....	24
2.1. Nationale Bestëbserplang.....	24
2.2. Drénkwaasser.....	25
2.3. Esch 2022	25
2.4. LUGA 2023	25
Publikatiounen	26
1. Infografiken	26
2. Recycling- a Ressourcebuch	27
Weider Tätigkeeten an Aktivitéiten	28
1. Klimapakt & Klimapakt 2.0	28
2. Commodo-Incommodo.....	28
3. Aktioun Nohaltegkeet.....	28
4. Geméis aus de Schoulgäert	29

Tätigkeitsbericht 2019

5. Ecoquartier	29
6. CFL Umweltcheck	29
7. Echange mat der AEV zum Buedenschutzgesetz.....	30
8. Echange mat CELL, IMS an der Umweltministesch zu engem UmweltHaus	30
9. Label „SDK fir Betreiber“	30
Seminaren & Veranstaltungen	31
1. Seminaren.....	31
2. Veranstaltungen	31

Virwuert vum Präsident

D'EBL 2019



Sou wéi an de vergaangene Joren, ass d'Famill vun der EBL och 2019 erëm méi grouss ginn, an dëst a villerlee Hisiichten. Engersäits si mer frou datt d'Zuel vun eise Membere weider an d'Luucht gaangen ass. D'Zuel vun de Membergemengen ass ëm 3 ob elo 54 geklommen, déi vun den Organisatiounen a Betriber ëm 1 ob elo 15 an déi vun de private Memberen ëm 4 ob elo 45 Persounen. All dëst bedeit natierlech och dass mer méi sollicitéiert ginn a mer si natierlech frou iwwer de Méi un Aarbecht deen domadder zesummenhängt.

Dëst ass dann eng Ursach firwat d'Ekipp vun der EBL och verstärkt ginn ass an elo 6 Mataarbechter zielt. Nieft dem Nils, dem Michel, dem Aline an dem Marianne, hunn d'Jill an de Gil eis Équipe am Laf vun 2019 verstärkt, fir d'éischt an engem Zäitkontrakt an zënter e puer Méint mat enger fester Ustellung. Natierlech sinn de Kommittee an ech frou, dass och bei 2 vun eise Mataarbechter, dem Aline an dem Michel an och beim Martine a beim Luc, Membere vum Kommittee, Nowuess ukomm ass.

Eng grouss Famill bedeit vill Aarbecht, mä bedeit awer och vill Freed, vill Austausch an och vill nei Usiichten, déi een erausforderen. Genee dëst ass et wat d'Dynamik vun der EBL ausmécht. Mer ginn op jiddereen an, ob Member oder Mataarbechter. All Iddi gëtt diskutéiert a wann et den Horizont vun der EBL erweidert an eis zesumme weiderbréngt, si mer offen fir all nei Pist ze probéieren.

Effektiv si mer am Joer 2019 ob ville Plazen a vu villen Acteuren gefuerdert ginn an hunn och mat eegenen Initiativen e grouse Public ugesprach. D'EBL huet sech an de leschte Joren etabléiert als e wichtige Player am Ëmwelt-, Klima- an Energieberäich an och am Beräich vun der Économie circulaire. Eis Kompetenz an eis Reaktivitéit, souwéi d'Inhalter vun eisen Campagnen, Publikatiounen, Seminaren an aneren Initiativen gi vun eisen Optraggeber a vun den Teilnehmer appreciéiert. Mer waren am Joer 2019 a ville verschiddene Beräicher tätig. Am Aktivitéitsrapport fannt der d'Detailer zu all deem wat am Laf vum Joer gelescht ginn ass.

Ervirhiewen wollt ech déi vill Aarbecht, déi am Beräich SANS PESTICIDES gelescht ginn ass. Dëst Thema schéngt definitiv bei de Gemengen ukomm ze sinn, well d'Ufro fir Aktiounen zu deem Thema klamme vu Joer zu Joer. Zum Gléck konnte mer, fir eis Aarbecht ofzesécheren, eng Konventioun mam MECDD ofschléissen, déi eis Aarbecht an do besonnesch d'Loukäscht wärend 2 Joer ofdeckt.

An dee Kader schreift sech och de Projet vum NATIONALE BESTËBSERPLANG an, wou d'EBL vum MECDD gefrot ginn ass, fir dëse mat auszeschaffen a wou d'EBL déi verschidde Workshope geleet huet. Heirass ass e flott Ofschlossdokument entstanen wat ech jidderengem nëmme ka recommandéieren fir sech unzekucken.

De Projet TRANSFORMA huet och eng grouss Resonanz a fënnt vill Uklang. Mer gesinn hei nach vill Potential, mä eleng als EBL kënne mer net déi ganz Demande ofdecken. Et huet sech erweisen, am Kontakt mat de Schoulen, dass am Beräich Bildung fir nohalteg Entwécklung nach e grouse Besoin ass. Dëst ass deemno en Thema, un deem mer wëlle schaffen an zesumme mat aneren Acteure versichen dëst ze

promovieren, fir dass esou vill ewéi méiglech Kanner a Jugendlecher de Begrëff vun enger nohalteger a besonnesch enger zirkulärer Wertschöpfung mat op de Wee kréien.

E wichtegt Thema fir dat mer 2109 sollicitéiert gi sinn ass dat vum LITTERING. Zesumme mat aneren Acteuren aus dem Bamhaus hu mer dës Campagne opgestallt, engersäits mat Panneauen, déi laanscht d'Stroossen opgestallt gi sinn an anersäits mat engem Youtube-Video, fir ze versichen, e grouse Public domadder ze errechen. Et soll net bei enger eemoleger Aktioun bleiwen, mä an de nächste Méint a Joren kontinuéierlech op dëser Problematik geschafft ginn a mat aneren Associatiounen d'Thema weider héichgehale ginn .

Donieft konnte mer och erëm eng Rei Gemenge motivieren iwwer de Projet ENERGIE-LIGHT, dee mer zesumme mam Klimabündnis Lëtzebuerg ubidden, fir sech Gedanken ze maachen iwwer hir Energieverbräich.

GREEN WEB, d'Séminairen STADTPLANUNG&KLIMAWANDEL an de Seminaire iwwer EIE (Etude d'évaluation des incidences sur l'environnement) sinn Initiativen gewiescht vun der EBL, déi e grouse Public ugezunn hunn. Et huet ee richteg gespuert, dass déi vill Leit, déi sech bei dësen Aktivitéiten ageschriwwen hunn e grouse Besoin haten, fir zu dësen Thematiken seriös a gutt recherchéiert Hannergrondinformatiounen ze kréien an duerch Best-practice Beispiller ze gesinn, wéi et méiglech ass d'Zukunft méi nohalteger ze gestalten, an zum Deel mat klengen Schrëtt grouss Wierkungen ze erreche sinn.

Dir gesitt, mer halen un eiser Linn fest a sinn ëmmer prett fir nei Erausforderungen a bestänneg ënnerwee fir nei Horizonter ze entdecken. Dëst ass natierlech nëmme méiglech mat engagéierte Mataarbechter déi offe sinn fir déi Erausforderungen unzehuelen an engem Komitee, dee bereet ass de Mataarbechter dee Spillraum ze ginn deen se brauchen, fir nei Weeër kënnen ze goen. Et spiert een och dass dat kreatiivt Ëmfeld am Bamhaus säi Néierschlag an enger Rei Projete fënnt.

Wéi am Rapport vum leschte Joer schonn ugeschwat hu mer och d'Iddi fir Synergien mat aneren Acteuren déi am Ëmwelt- a Klimaschutz agéieren ze sichen, weidergedriwwen an en Austausch gehat a Richtung vun engem gemeinsamen "Haus vun der Ëmwelt", fir et emol sou ze nennen, opzebauen. An der Tëschenzäit huet dann och ee vun eise potentielle Partner, de CELL, seng Zelter am Bamhaus opgeschloen, sou datt dës Iddi ëmmer méi konkret gëtt.

A punkto Finanzen hu mer eng Rei Accorden mam Ëmwelt-, Klima- a Nohaltegkeitsministère konnte fannen, wat eis eng gewësse Planungssécherheet fir déi nächst Jore gëtt.

Zesummen als grouse Famill, Memberen, Mataarbechter a Komitee hu mer am Joer 2019 Villes ëmgesat a Munches ob d'Schinn gesat kritt. Ech wëll dofir eise Membere Merci soe fir hiren Input, de Mataarbechter fir hir Freed un der Aarbecht, hiert Engagement an hir Bereetschaft fir ëmmer erëm och nei Defien unzehuelen a schlussendlech e grouse Merci un all d'Membere vum Komitee, déi dësen Asaz bréngen nieft hirem normalen Job, an deem se och vill gefuerdert sinn. Ech wënschen eis all dat mer och fir dat nächst Joer e Kuerf voll Aarbecht hunn an datt mer zesumme den Ëmwelt- a Klimaschutz no vir bréngen an datt mer der vill ob eisem Wee kënnen iwwerzeegen fir dëse mat eis ze goen.

Guy SPANIER

President vun der EBL a.s.b.l.

Eis Missiounen an Aufgaben

1. Mir sinn ?

- Neutralt Berodungsorgan fir Ëmweltfroen op Gemengeniveau
- Réseau vu kommunalen a privaten Ëmwelt- a Klimaberoder
- Austauschplattform am Ëmwelt- a Klimaschutzberäich
- Interesseverriedung vun de kommunalen Ëmwelt- a Klimaberoder
- Stëmm an diversen Aarbechtsgruppen oder anere Gremien
- Partner vu ville privaten an öffentlechen Akteuren

2. Mir maachen ?

- Organiséiere vu Weiderbildungen, Infoveranstaltungen an Exkursiounen
- Ausschaffe vun innovativen Pilotprojeten, Publikatiounen an Aarbechtshëllef
- Schafe vun engem intensiven Austausch vun Erfahrungen an Iddiën tëscht de Gemengen
- Ënnerstëtzung beim Schafe vun engem Ëmweltservice a beim Astelle vun engem Ëmweltberoder an Hëllef fir Jonker beim Eraklammen an de Beruff
- Fördere vun der interkommunaler Zesummenaarbecht an deenen ënnerschiddlechsten Domainer, wéi e.a. am Naturschutz, bei der Waassergestioun, am Energieberäich, an der Offallwirtschaft, der Stadplanung, der Mobilitéit oder bei enger nohalteger Beschafungspolitik.



3. Eist Doheem

Säit Summer 2018 huet d'EBL seng Büroen am **Bamhaus** zu Dummeldeng, um alen Industriesite. Dëst ass en alternative Co-Working-Space a Creative-Hub mat Leit aus ënnerschiddleche Branchen, mat deenen sech schonn e puer gutt Zesummenaarbechten erginn hunn.

D'EBL ass dann och säit Dezember 2019 komplett materiell onofhängeg vum Ministère. De Veräin krut en eegene Server a nei Computeren, well den technesche Support säitens dem Ministère net méi konnt garantéiert ginn. Eenzeg eis Telefonsnummere bleiwe bis op weideres Staatsnummeren.


<https://www.bamhaus.lu/>



4. Neien Internetoptrëtt

Säit Enn 2019 huet d'EBL eng nei Internetpräsenz. An Zesummenaarbecht mat enger Agence aus dem Bamhaus (Moloko sàrl) hu mir eisen Internetsite net just komplett iwwerschafft, mee och nach energetesch optiméiert, fir esou eng nohalteg Internetsäit ganz am Sënn vun eiser Missioun ze kréien. Iwwer den Design vun der Säit hu mir ganz demokratesch eis Memberen ofstëmme gelooss an dee mat de meeschte Stëmme geholl. Mir hoffen, dass mir duerch eise neie Site eis Memberen nach besser iwwer eis Aarbecht informéieren kënnen an alle aneren Interesséierten eng flott Plattform fir Ëmwelttheme bidde kënnen. Gitt einfach emol luussen:

<https://www.ebl.lu/>



Team EBL

D'EBL gëtt geleet vun engem **Comité**, deen zum 31. Dezember 2019 aus 11 Leit bestoung, déi alleguer berufflech am Ëmweltberäich tätig sinn.



Guy Spanier **Präsident**
Luc Friedrich **Vize-Präsident**
Pierre Schmitt **Sekretär**
Jos Mathieu **Trésorier**




Klaus Gröll
Estelle Rotondano
Martine Schummer
Max Klein
Caroline Calmes
Marc Jacoby
Jeannot Behm

D'EBL haat um 31. Dezember 2019 insgesamt 6 Mataarbechter, déi d'Dagesgeschécker vun der EBL leeden. Dëst sinn de **Michel WILWERT**, d'**Aline SCHALTZ**, de **Gil KIRCHEN**, d'**Jill DIEDERICH**, de **Nils LECHES** an d'**Marianne KOLLMESCH**. De Student **Nicolas PHILIPPY** huet d'EBL-Ekipp 2019 mat engem Stage wärend 6 Wochen ënnerstëtzt.




Michel Wilwert
Aline Schaltz
Gil Kirchen
Jill Diederich
Nils Leches
Marianne Kollmesch

D'EBL huet zum 31. Dezember 2019 ganzer **15 Member-Organisationen (+1)** a **45 Privatmembere (+4)** gezielt. Mir kruten am Joer 2019 dann och **3 Gemengen** als Member dobäi: Mäerzeg, Käerch a Stroossen. D'EBL zielt deemno Enn 2019 **54 Gemengen** zu hieren Abonnenten an deene ronn 80% vun der Bevëlkerung wunnen. Dat sinn der duebel esouvill ewéi nach 2013.




eMember-Organisationen 2019		
CFL	natur&ëmwelt	Syndicat des Eaux du Sud
Commission européenne	Naturpark Our	SIDEC
IGLux	OGBL	STEP
LIST	Schroeder&Associés	SuperDrecksKëscht
Minett-Kompost	SES Astra	Wunnéngshëllef





Privatmitgliedern 2019		
Bauer Doris	Hengen David	Pundel Nico
Becker Tom	Hoffmann Thomas	Reuter Nathalie
Behm Jeannot	Isaac Nicole	Rotondano Estelle
Bochen Guy	Jacoby Marc	Rünnenberger Thomas
Bonblet Lea	Kieffer Gérard	Schlicher Thomas
Brandenburger Brigitte	Klein Max	Schmit Guillaume
Calmes Caroline	Larbière Henriette	Schmitt Pierre
Christophe Georges	Linden Claude	Schmitz Armand
Elvinger-Vinckel Danièle	Lorang Maud	Schroeder Jeannot
Fellens Frank	Maneau Frédérique	Schummer Martine
Friedrich Luc	Mathieu Jos	Simon Christian
Grein Nadine	Mersch Jacques	Spanier Guy
Gröll Klaus	Morbé Jérôme	Telaar Rainer
Grommes Daniel	Neu Marc	Urbany Guy
Harles Aloyse	Pfeiffenschneider Manou	Witry René



Member-Gemengen 2019		
BERTRANGE	KÄERJENG	SANDWEILER
BECKERICH	KAYL	SCHENGEN
BETTEMBOURG	KEHLEN	SCHIFFLANGE
BETZDORF	KOERICH	SCHUTTRANGE
BISSEN	LORENTZWEILER	STEINFORT
BIWER	LINTGEN	STEINSEL
BOURSCHEID	MAMER	STRASSEN
COLMAR-BERG	MERSCH	USELDANGE
CONSDORF	MERTZIG	VILLE D'ESCH-SUR-ALZETTE
CONTERN	MONDERCANGE	VILLE DE DIFFERDANGE
DALHEIM	MONDORF-LES-BAINS	VILLE DE DUDELANGE
DIEKIRCH	NIEDERANVEN	VILLE DE LUXEMBOURG
DIPPACH	PETANGE	VILLE DE REMICH
GARNICH	RECKANGE-SUR-MESS	VILLE DE RUMELANGE
GREVENMACHER	REISDORF	WALDBILLIG
HESPERANGE	ROESER	WALDBREDIMUS
HOBSCHIED	ROSPORT-MOMPACH	WALFERDANGE
JUNGLINSTER	SANEM	WORMELDANGE

Versammlungen an Treffen

Am Laf vum Joer 2019 huet d'EBL u wäit méi wéi 200 Réuniounen, Aarbechtssitzungen a Projetsversammlungen deelgeholl, wat eng Augmentatioun vun ca. 20% par rapport zum Joer virdrun duerstelt. Net matgerechent sinn hei divers intern Austauschsitzen tëscht de Mataarbechter selwer.

Bezeechnung	Unzuel
Comités-Sëtzungen	6
Entrevue mat der Ministesch Carole Dieschbourg	1
Seminarer a Veranstaltungen	10
Ouni Pestiziden	36
Transforma	30
Ech kafe clever	9
Anti-Littering-Campagne	9
WeMDDI Héichhaus	8
Green Web	9
Plan pollinisateur	7
NoBe	7
Drénkwaasser	7
Klimapakt	4
Aner Projetsitzungen	25
Extern Veranstaltungen	13
Aner Réuniounen	45
TOTAL	226

Kampagnen a Projeten

1. Kampagnen

Kampagnen si längerfristeg Aktiounen, bei deenen d'EBL d'Koordinatioun iwverholl huet oder den Initiator ass. Dës stellen eng gläichberechtegt Zesummenaarbecht tëscht enger ganzer Rei Partner duer, déi iwver méi Jore geet an eng ganz Rei un ënnerschiddlechen Aktiounsfelder emfaasst.

1.1 Ouni Pestiziden

Koordinatioun

D'EBL koordinéiert d'Campagne Ouni Pestiziden elo scho säit 10 Joer an huet dëst och 2019 gemaach. Am Abrëll gouf fir d'Woch ouni Pestiziden eng Pressekonferenz mat der Ministesch Carole Dieschbourg organiséiert, op där d'Brochure "Praxisratgeber Naturnahe Grünflächen" presentéiert gouf, déi de SICONA entwéckelt huet a zu där d'EBL mat Fachwëssen, Bildmaterial a Korrekturen bäigedroen huet. Och am Abrëll huet déi grouss Plenièr mat alle Partner vun der Campagne statt fonnt. Do dernierwt vertritt d'EBL d'Campagne am Grupp „Meng Landwirtschaft“.



Events

Fir d'Woch Ouni Pestiziden Enn Mäerz huet d'EBL e Kreativconcours „Biodiversitéit bei eis doheem“ fir d'Kanner am Grondschooulalter organiséiert. Hannergrondinformatiounen iwver den Zesammenhank vu Pestiziden a Biodiversitéit ass fir d'Pädagoge bereed gestallt ginn. RTL huet d'Aktioun als Radioreportage bruecht. Am Ganzen hu bal 200 Kanner aus 14 Klassen, Gruppen oder Maisons relaisen Deel geholl. D'Gewënner krute kleng Sachpräisser, all Grupp krut e Bong fir eng Naturaktivitéit am Biodiversum. D'Kreatiounen vun de Kanner sinn op Facebook publizéiert ginn an hu vill Interessi fonnt.

D'EBL war mat engem Stand, als Akteur oder als Formateur fir d'Campagne Ouni Pestiziden op diverse Veranstaltungen (Hesper, Schëffleng, Ouljen, Biodiversum, Mertzig4all, Fest vun der Natur, LUGA 2023, etc.).

Nierwt dëséi Veranstaltungen war d'EBL am Kader vun der Campagne a vum Projet „Blummen ouni Pestiziden“ (deen 2018 als Kofinanzprojet gemaach gouf a säitdeem weidergefouert gëtt) nach op diverse Blummemaert vertrauden mat Informatiounen zum pestizidfräie Gäertneren an zum Uleeë vu Blummewisen. Sou ënner anerem zu Habscht, Ouljen a Stolzebuerg. E Virtag zum Thema „Alternativen zu de Pestiziden am Haushalt an am Gaart“ gouf et zu Réiser an zu Schieren.

Projeten

Virun allem de Projet „Wëllblummewis“ (mat der ugepasser Somemëschung vum SICONA an dem Naturmusée) gouf virugedriwwen. D'Wëllblummewis ass eng gutt Alternativ fir d'pestizidfräit



Flächemanagement a wichteg fir d'Biodiversitéit. Fir d'Kompetenze beim Uleeën a Fleegen vun der Wëllblummewis an de Gemengen a bei de private Leit ze verbesseren, ass eng Gebrauchsanweisung op D, F an EN ausgeschafft ginn. En ergänzend Dokument iwwer d'Bäikraider ass opgesat ginn. Fir de Gemengen an de Privatleit et méi einfach ze maachen, de Wëllblummewis-Som ze kafen (iwwer den Internetsite vum Produzent geet net fir kleng Quantitéiten wéint Liwwerschwieregkeeten an der Saison) ass eng Kollaboratioun mam

Bierschbecher Atelier initiéiert ginn, de Wëllblummewisesom ofzefëllen an ze verkafen. Et ass vill Promotioun gemaach ginn, souwuel fir d'Wëllblummewis selwer, wéi och iwwert d'Wëssen doriwwer. Insgesamt goufen 120kg Som bei Rieger Hofmann bestellt an un d'Leit verkaf, respektiv verdeelt, engersäit a grouse Päck (à 150g Som gemëscht mat Schrot) fir 30m², déi ee kafe konnt an aneresäits a kleng Päckelcher (mat 2g Som) fir 1m², déi zu Werbezwecker bei verschiddeenen Occasiounen un d'Leit verschenkt goufen. Nierwt de Gemengen, Paysagisten a Planungsbüroen, ware virun allem och vill Privatleit um Som interesséiert.

De Projet „Bummen ouni Pestiziden“ gouf zwar och weidergefouert, allerdings gouf et hei éischer e Stëllstand säitens de lokale Gäertner a Produzenten, sierf et opgrond vun der mangelnder aktiver Hëllefstellung Säitens der fédération horticole (déi dem Projet awer gutt gesënnt sinn) oder opgrond vum feelenden Entrepreneurgescht säitens de Gäertner, fir der Demande, déi duerchaus do ass, proaktiv nozekommen. Trotz allem konnt awer 1 Atelier protégé zousätzlech als pestizidfräie Blummegäertner gewonne ginn. D'Gemengen planze weiderhinn Blummen Ouni Pestiziden.



Et ass och vill Öffentlechkeetsaarbecht gemaach ginn:

De Facebooksite (1.650 Abonnenten) (210 Beiträg) an d'Internetsäit vun der Campagne si ganz aktiv betreit ginn. De Projet „Infopanneauen“ ass weider entwéckelt ginn, de Layout ugepass. Op dësen 10 personaliséierten Tafelen, déi an de Gemengen opgehang kënne ginn, gëtt dem Bierger erklärt, wéi a firwat d'Gemeng e pestizidfräie Flächemanagement mécht. D'EBL bestellt dës wieder- an UV-fest Schëlde aus voll recyclebarem Aluminium fir d'Gemengen. D'Ausstellung Ouni Pestiziden ass aktualiséiert a gefléckt ginn. Si ass 7 mol ausgeléint ginn. Et si 7 Artikelen zum Thema Pestiziden/Bioziden fir de Gemengebuert oder ähnlech Publikatiounen geschriwwen an allen Interessenten zur Verfügung gestallt ginn.

Conventioun

E wichtege Schrëtt fir d'Weiderféierung vun der Campagne gouf Enn 2019 gemaach, andeems eng temporär Conventioun mam MECDD ënnerschriwwen gouf iwwer 118.000 € (Ofdecke vun de Lounkäschten an de Fraisë fir 2 Joer), déi bis Enn 2020 d'Koordinatioun an och d'Projete vun der Campagne finanziell ënnerstëtzt. Bis zu deem Zäitpunkt war dës Campagne ëmmer ouni Finanzéierung. D'Zil ass et, d'Koordinatioun vun der Campagne an d'Ëmsetzung vun eenzelne Mesuren méttelfristeg an déi allgemeng Konventioun vun der EBL eranzehuelen, sou dass e längerfristige Finanzement garantéiert wier.

Ausbléck

D'Ëffentlechkeetsaarbecht wäert weiderhinn e wichtege Volet bleiwen: dëst souwuel duerch Artikelen an duerch Präsenz bei de Leit. Déi sozial Medien ginn agebonnen. D'Infopanneauë gi weider promovéiert, vill Gemenge bleiwen nach unzeschwätzen.

D'Formatioun zum pestizidfräie Gäertneren an zum Uleeë vun de Wëllblummewise gëtt ausgebaut. D'Moduler mussen op Franséisch iwwersat ginn.

Vu dass Budget disponibel ass, kënne mer dëst Joer erëm Analysen duerchféieren, vu Planzen aus de Gemengen, déi Blummen ouni Pestizide geplanzt hunn. An der zweeter Hallschent vum Joer ass eng Relance vun de Gäertner mat de Blummen Ouni Pestizide geplangt.

Mir sinn als Campagne och disponibel fir d'LUGA2023 wann eist Wëssen am Beräich Ouni Pestizide gefrot ass an awer och fir déi vun eis eragerechte Projete weiderzebréngen.



1.2 Ech kafe clever

Koordinatioun

Och vun der Campagne “Ech kafe clever” huet d’EBL 2019 d’Koordinatioun assuréiert. Am Mäerz huet d’EBL mat engem Workshop fir Léierpersonal un de Suessemer Ëmweltwochen deelgeholl an och den Infonomëtteg „Schoul ouni Plastik” zu Zolwer moderéiert. Am fréie Summer gouf et dunn eng Réunioun mat de Partner vun der Campagne fir méiglech nei Pisten ze diskutéieren, déi een an Zukunft goe kéint. A regelméissegem Ofstänn gouf och en Austausch mat der SuperDrecksKëscht a mam Gesondheitsministère réaliséiert fir d’Critèrelëscht fir Schoul- a Büromaterial ze iwwerschaffen. Ausserdeem gouf mat der SuperDrecksKëscht en allgemenge cahier des charges (siehe Kapitel „NoBe“) ausgeschafft, fir „clever akafen“-Material ze promovéieren.

Critèren

D’Critèrelëscht gouf aktualiséiert an och e wéineg méi streng gemaach. Deemno koum d’Kategorie “Verpackung” mat an d’Lëscht eran. Wou et méiglech ass, soll verpackungsfrei akaf ginn oder zumindest ouni onnéideg Blister-Verpackungen oder ähnlech. Ausserdeem goufe bei de minimalen Fëllquantitéiten bestehend europäesch Normen iwwerholl an iwwerdeems eenzel Inhaltsstoffer, wéi bedenklech Aroma- oder Faarwstoffer mat an d’Lëscht intégréiert.

Ausbléck

Et soll erëm verstärkt de Kontakt mat alle Partner gesicht an eventuell eng Erweiterung vum Grupp gemaach ginn, fir méi e groussen Impakt ze hunn. De cahier des charges zu de Materialien soll gezilt promovéiert ginn an d’Campagne kéint vereenzelt an de Schoulen am Kader vun der BNE-Aarbecht vun der EBL gefërdert ginn.




1.3 Transforma

Historique

Den Transforma ass e Projet, dee mat de Jore gewuess an eegestänneg ginn ass. D'Iddi ass 2016 am Kader vun der Campagne „Ech kafe clever“ entstan fir de Kanner d'Thema vum cleveren Akaf méi no ze bréngen. Enn 2017 dunn gouf dem Transforma vun der Oeuvre G.-D. Charlotte am Kader vum appel à projets YES WE CARE e Subside zougestaan, deen e weideren Développement erlabt huet. 2019 dunn gouf den Transforma nach emol erweidert an ausgebaut, erméiglecht duerch e Kofinanzement (50/50-Projet) vum MECDD. Doduerch konnte flott Kooperatioune lancéiert a nei Partner fir de Projet gewonne ginn.

Bildung fir nohalteg Entwécklung

Duerch dës nei Perspektiven an d'ASTelle vun enger weiderer Persoun bei der EBL, konnt den Transforma erfollegräich an d'Schoulen (Fondamental a Lycée) gedroe ginn, wou souwuel Coursen zum Thema Zirkulärökonomie gehal, wéi och e Concours fir eng Transforma-Schachtel lancéiert goufen. D'Schüler sollten am Kader vun dëser Challenge selwer eng Schachtel entwéckelen, déi zirkulär Critèren erfëllt (modular, verschidde Notzungen, nohaltegt Material, etc.). Insgesamt hunn 8 Klasse mat 150 Schüler matgemaach, respektiv goufe Coursen an 5 Schoule gehal (Fréising, Iechternach, Ettelbréck, Fieldgen, Europaschoul, Art&Métiers) Partnerschaften goufen ugefaang mam SNJ, diverse Makerspacen uechtert d'Land an der Schränerei Modular vun Miersch. Och d'Associatioun Youth4Planet gouf um Projet bedeelegt. Bildung fir nohalteg Entwécklung ass e neit a nach e wéineg onduerchsichtegt Tätigkeetsfeld vun der EBL, dat awer zukünfteg weider verfollegt soll ginn.



Ausbléck

Den Transforma soll weiderhinn an de Schoulen duerchgefouert ginn. Opgrond vum Personalmangel kann d'EBL awer nëmme vereenzelt Atelieren ofdecken. Virstellbar wier, dass den Transforma als Optionsfach oder als Mini-Entreprise an eenzelne Schoule funktionéiert. An deem Fall wäer de Projet an de reguläre Schoulbetrib integréiert an d'EBL kéint punktuell Atelieren a Coursen dozou ginn. Eng weider Option stellt den « Teach the teachers » duer, dat heescht dass d'EBL an Zukunft geziilt Formatioune fir d'Léierpersonal an d'Enseignante vum Fondamental an aus de Lycéeën ubitt, fir dass dat Thema am reguläre Schoulprogramm behandelt ka ginn. Parallel dozou hu mir 2019 un enger Strategie geschafft, fir ze analyséieren, ob a wéi, zu wéiengem Themen a mat wéiengem Opwand d'EBL am Beräich BNE iwwer den Transforma eraus zu alle méiglechen Ëmweltthemen nach weider kéint oder sollt tätig ginn. Dëst sollt 2020 fäerdegstallt an evaluéiert ginn.

1.4 Green Web

Events

D'Iddi fir de Projet Green Web ass duerch eng Konferenz zu Berlin „Bits & Bäume“ Enn 2018 entstan. 2019 koum dunn d'Iddi op, dëst Thema an enger eegener Konferenz hei zu Lëtzebuerg eng éischte Kéier ze presentéieren an ze kucke wéi d'Leit drop réagéieren. Et ass eppes wat hei am Land nach net genug thematiséiert gëtt: „Nohalteg Digitaliséierung“. Wat sinn d'Chancen awer och d'Risiko vun der Digitaliséierung a wéi kann een dës méi nohalteg gestalten. Dëst war d'Froestellung vun der Konferenz, déi am November stattfonnt huet.



Eischt Kontakter

Am Virfeld vun der Organisatioun vum Seminar gouf et scho Kontakter mat méigleche Partner wéi d'Caritas, Chaos Computer Club, BeeSecure an dem Digitaliséierungsministère. Am Beräich vun der Programméierung an der Gestaltung vun Internetsäiten gouf et eng motivéiert Kooperatioun mat Moloko sarl, enger Agence aus dem Bamhaus. Déi nei Internetsäit vun der Ebl, déi vun hinnen ausgeschafft gouf, gouf op hier Nohaltegkeet hin optimiséiert. Moloko ass bereet, dee Prozess hin zu engem Green Web mat ze begleeden. Per Zoufall huet de Mouvement écologique onofhängeg vun der EBL zur selwechter Zäit eng Veranstaltung mam selwechter Orateur (Felix Sühlmann-Faul) organiséiert. Wéi den Orateur selwer eis dorop opmierksam gemeet huet, gouf et Koordinéierungsgesprécher mam Mouveco, sou dass béid Veranstaltungen sech flott ergänzt kruten an d'Transport an Hotelskäschte gedeelt goufen. E gemeinsam Event war opgrond vum fortgeschrittene Planning op béide Säiten esou kuerzfristig leider net méi méiglech. De Mouveco huet och en Aarbechtsdokument mat den Iwwerleeungen zum Thema ausgeschafft an der EBL zur Verfügung gestallt. Weider Kooperatiounsgesprécher kéinte nokommen.

Ausbléck

Dee nächste Schrëtt ass, aus dem Green Web eng strukturéiert a längerfristeg Campagne ze maachen, sou dass ee méi gezilt op dat Thema agoe kann an d'Partner fédéréiert kënne ginn. An enger éischter Etappe soll e Logo offizialiséiert/lancéiert ginn, fir déi lëtzebuerger Websäiten auszezeechnen, déi verschidde Critère fir eng energetesch Optiméierung erfëllen, dëst fir Erfahrungswärter zur Komplexitéit an zum Opwand ze sammelen. Eegens dofir soll och eng nei Websäit entstoen, wou interesséiert Leit aus dem ëffentlechen, associativen, kommerziellen a private Beräich Informatiounen zur Initiativ, dem Logo an zu good practices fannen. An engem Aarbechtsgrupp solle verschidden Themen diskutéiert a Pilotprojeten initiéiert ginn. Grad fir Gemenge bitt dëst Thema vill Potential an och handlungsspillraum, sou dass dës Akteuren eng zentral Roll anhuele sollten.

1.5 NoBe

Aktualitéit

No kontroversen Reuniounen an der éischer Hallschent vum Joer, zesummen mam MECDD, myenergy, SDK an EBL, ass am Juni en Dokument vum Ministère erstellt ginn, dat de Kader fir dat zukünfteg Zesummeschaffen am Beräich ‚Nohalteg Beschafen‘ festleeë sollt.

Fest gehal goufen:

(1) *Définition de clauses type pour marchés de fournitures sur base de « Clever akafen » (Objectif : Faciliter l’acquisition de produits labélisés « Clever akafen » et utilisation de produits « Clever akafen » dans les services commandités par le secteur public /communal)*

(2) *Guidance pour les communes en matière de marchés de fournitures durables / économie circulaire (Objectif : Facilitation de la gestion des marchés publics de fournitures durables / circulaires)*

(3) *Convention MECDD /EBL e.a. en vue de l’accompagnement du projet 2 (myenergy/EBL). (Objectif : Revoir la tâches / projets réalisés et à réaliser sous la Convention EBL/MECDD)*

Ëmsetzung

(1) De cahier de charge type fir d’Produite mam Label ‘clever akafen’ fir den Akaf an d’Besoinen vun de Gebaier ass a Kollaboratioun mat der Superdreckschëscht erstellt ginn, mat der Definitioun vu spezifeschen Attributiounscritèren. Trotz widderhuelte Beméiungen säitens der EBL huet myenergy kee Feedback zu dësem cahier de charge ginn. Eng zousätzlech Iddi, fir cahiers de charges type fir d’Botzservicer a fir d’Kollektivkichen ze maachen, konnt net realiséiert ginn, duerch net ausräichend disponibel Informatiounen säitens den Akteuren an dësem Beräich (LIST, Landwirtschaftsministère, Meng Landwirtschaft, etc.).

(2) Myenergy ass widderhuelte kontaktéiert ginn zwecks Concertatioun vun der Zesummenaarbecht um Tool Circular IQ. Et ass eis leider net gelonge mat hinnen a Kontakt ze kommen, konkret a Verhandlungen ze trieden an eng Reunioun festzeleeën. Déi eenzeg gemeinsam Aktioun war e Workshop vu Luxinnovation zur Zirkulärer Economie am September. D’Zil war, eraus ze fannen, wat d’Gemengen un Ufuerderungen un en Tool fir den zirkulär motivéierten Akaf hätten. Leider ass et net zu engem gemeinsamen Opschaffen vun de Resultater vum Workshop komm.

(3) Leider ass keng Conventioun an och kee Finanzement säitens dem Minsitère fir de Projet NoBe zustane komm. Et goufen awer eng Kontroll an eng mise à jour vum Label-Verglach um Site nobe.lu duerchgefouert säitens der EBL. Eng kontinuéierlech Aktualiséierung vun dësem Label-Verglach ass nach net gekläert.

Ausbléck

Cahiers de charge type: Fir weider cahier de charge type auszeschaffen an anere Beräicher (Botzservice, Alimentatioun, etc.) misst méi eng verstärkt Kooperatioun mat einzelnen Akteuren aus deene Beräicher stattfannen, fir ze definéieren, op wéieng Critèren ee sech baséiere soll. D’Hapterausfuerderung läit dodranner, fir un aktuell genotzte cahier de charge ze kommen, déi als Basis fir e nohaltege cahier de charge kënnen dingen.

Site nobe.lu: Fir eng efficace a permanent Kontroll a mise à jour vun de Labelen a vum Label-Verglach um Site ze maachen, mussen d'Responsabilitäten heizou festgeluecht ginn. Finanzement, resp. déi praktesch Ëmsetzung vun dëser Aktualiséierung si momentan net gekläert, wat dozou féiert, dass de Site just ganz sporadesch a just op eenzelne Plaze kann um neitste Stand gehal ginn. De Site gouf als innovative Kofinanzprojet vun der EBL opgestallt, fir dësem spezifesch Besoin un Informatioun an Hëllef bei öffentlechen Träger nozekommen. De Suivi an d'Gestioun vum NoBe (Aktualiséierung vun den Informatiounen, Labelen oder juristeschem Kader) ware vun Ufang un en Diskussiounspunkt, well se souwuel d'Roll, wéi op déi personnell, logistesche a finanziell Kapazitéite vun der EBL iwwersteigen.

Circular-IQ: D'Zesummenaarbecht mat Myenergy misst net just theoretesch definéiert, mee och ganz praktesch fest geluegt ginn. De Kooperatiounspabeier tëscht EBL a Myenergy, dee vum Ministère ausgeschafft a validéiert gouf, gouf nët ëmgesat opgrond vun der feelender Kommunikatioun an Transparenz säitens vu Myenergy. Enn 2019 ass d'EBL bei deem Dossier an enger Patt-Situatioun an ass op weider Gespréicher mat MyEnergy ugewise, fir an deem Dossier weiderzuekommen.

Nettoyage

- Alimentation ○
- Appareils de Bureau ○
- Articles de Bureau ○
- Mobilier de Bureau ○
- Nettoyage ●**
- Nettoyants: tout usage, sanitaires, vitres, sols ○
- Lavage des mains ○
- Produits pour lave-vaisselle ○
- Produits pour vaisselle à la main ○
- Sacs poubelle ○
- Séchage mains, électrique/rouleau ○
- Papier hygiénique, mains/WC ○
- Déboucheurs ○
- Service de nettoyage bâtiments ○

Pourquoi? Guides Exemples **Utiliser les labels**















1.6 Littering

Ufangs 2019 huet d'EBL an Zesummenaarbecht mat **Headroom** a **Welcome to SKIN** (zwo Agencen aus dem Bamhaus) a mam Kënschtler **Max Dauphin** am Optrag a mat der Finanzéierung vun der **Ëmweltverwaltung** a vum **Ëmweltministère** eng Sensibiliséierungskampagn ausgeschafft, fir géint de Phänomen vum Littering virzegoen. De Fokus loung op den Auswierkung vum Littering op eis Déierewelt. Dofir goufe 4 Posteren (Kou, Hond, Villchen, Fësch) ausgeschafft, mam Slogan "Offall kann déidlech sinn – gehei näischt an d'Natur", déi jeweils och op Franséisch, Englesch an Hollännesch iwwersat goufen. Dës goufen uechtert d'Land iwwer verschidde Supporten (Aluminiums-Plakater, cul de bus, Tram, etc.), laanscht Stroossen an Autobunnen, op strategische Plazen oder anere Weeër verbreed.



Zousätzlech gouf awer och 1 kuerze Puplicitéits-Spot gedréint, deen am Kino, um Fernseh an an de soziale Medie gewise gouf. Zwee weider Erklärungsvideoe, mat eenzelnen Témoignage vun engem Bauer an enger Veterinärin goufen do dernierwt och produzéiert an diffuséiert.



No dëser éischer Promotioun um nationale Niveau, wäerten elo gezielt Kooperationen/Kontakter mat lokale Gruppe gesicht ginn, déi och Notzen aus dëser Campagne zéie kéinten (z.B Camping-Bedreiwer, regional Touristebüroen, Fëschweieren, Lycéen, etc...). Op dës Art a Weis soll d'Campagne ëmmer nees op e ganz spezifesche Niveau erofdeklinéiert an adaptéiert ginn an esou iwwer eng laang Zäit bei de Leit dobausse präsent bleiwen. Éischt Kontakter an Ufroen (z.B. mat de Jongbaueren an de Campingplazen) weisen op e positive Feedback hin an deiten d'Potential vun dëser Campagne un.




1.7 Energie [light]

D'Neioplag vum Projet Energie [light] ass 2019 a säin 2 Joer gaang, mat nach emol 10 nei Gemengen. Am Laf vum Joer hunn awer 3 Gemengen de Projet fale gelooss, sou dass insgesamt 7 nei Gemengen (Beefort, Diddeleng, Feelen, Mäerzeg, Reckeng-un-der-Mess, Schëtter a Veianen) hier monatlech Energieverbräich (Hëtzes, Stroum a Waasser) an den deelhuelende Gebeier iwwer e ganz Joer dokumentéiert hunn. Do dernierwt hunn d'Gemenge Contern a Steesel, déi schonn 2018 matgemaach hunn, en zweet Joer deelgeholl an esou ganz interessant Vergleichswäerter kritt. D'Dokumentatioun ass iwwer en eegens vun der EBL entwéckelten Excel-Tool geschitt.

Am Kader vum Projet gouf erem eng Optaktveranstaltung fir déi Responsabel aus de Gemengen organiséiert, genee esou wéi en Tëschebilan. Dës Veranstaltung goufe vun eisem Partner, dem e&u Energiebüro vu Bielefeld (M. Hubert Grobecker) geleet. D'Ofschlossveranstaltung ass fir Januar 2020 virgesinn. Am Abrëll gouf zousätzlech nach e Mediations- a Kommunikationsworkshop ënnert der Leedung vum Här Gilbert Graf duerchgefouert. Ausserdeem gouf all 2 Wochen e Newsletter mat Energiespuertipps un déi deelhueleng Gemenge geschéckt.

De Projet Energie [light] ass e Gemeinschaftsprojekt tëscht der EBL an dem Klima-Bündnis Lëtzebuerg a gëtt och 2020 mat den aktuell 9 Gemenge weidergefouert.



2. Projeten

Projete si kuerzzäiteg Aktiounen oder eemooleg Initiativen, déi meeschtens net méi laang wéi 1-2 Joer daueren a bei deenen d'EBL entweder den Initiator ass oder mat dru geschafft huet. Dës Projeten hunn dann och meeschtens ee festen Ofschloss a keen oppent Enn. Et kënn awer och vir, dass aus engem ufängleche Projet spéider eng laangjäreg Campagne entsteet.

2.1. Nationale Bestëbserplang

D'EBL krut am Summer 2019 den Optrag vum MECDD fir e nationale Plang zum Schutz vun eise Bestëbserinsekten auszeschaffen. Et soll e ganz prakteschen Plang mat ville konkrete Mosnamen ausgeschafft ginn an Zesummenaarbecht mat alle concernéierten Akteuren.

Nierwt enger Analyse vun de schon existéierende Pläng am Ausland an de wëssenschaftleche Studien zum Insektestierwen, soll d'EBL virun allem och eng Sammlung vu konkrete Mosnamen an de Plang intégréieren. D'Analyse, d'Recherche an och d'Ausrichtung vum Plang (Opbau, Piliere, Ziler, etc.) goufen 2019 och scho réaliséiert. Den Austausch mat alle concernéierten Akteure gouf och schon am Dezember lancéiert via eng Online-Plattform www.planpollinisateur.org, iwwer déi per Formulaire seng Iddien eraschécke kann. E grouse Workshop mat Leit aus dem professionnelle Sektor, 4 regional Workshops fir Bierger an d'Fäerdegstelle vum Plang si fir déi éischt Halschent vun 2020 geplangt.



2.2. Drénkwaasser

D'EBL huet op Ufro vun der Waasserverwaltung am Summer 2019 eng Offer gemaach fir eng Sensibiliséierungscampagne zur Promotioun vum Drénkwaasser auszeschaffen. D'Offer gouf ugeholl, de Budget vun der AGE awer eréischt fir 2020 engagéiert. Et soll erem Vertrauen an eist Drénkwaasser geschaf gi beim grand public, fir dass nees méi Leitungswaasser gedronk gëtt. Gläichzäiteg soll dës Wäertschätzung vum Waasser awer och kloer maachen, dass een eist Drénkwaasser net onnéideg verbëtze soll. Nierwt dem grand public sollen awer haaptsächlech och d'Schoulen en Zilpublikum vun der Aktioun sinn. Deementspriedend sollen Atelierien an Aarbechtsmaterialien fir de Fundamental ausgeschafft a Formatioune fir Léierpersonal entwéckelt ginn. D'Campagne soll nees zesumme mat den Agencen **Headroom** a **Welcome to SKIN** an an Zesummenaarbecht mat der ALUSEAU, de Waassersyndikater, dem Miselerland, dem Réidener Waasserhaus an anere Partner ausgeschafft ginn. D'EBL huet 2019 schon un der Campagne geschafft, allerdings gouf d'Aarbecht ënnerbrach, duerch eng Pétitioun vu REFILL zum Drénkwaasser, déi an der Chamber diskutéiert gouf an oprong dëser eng Sensibiliséierungscampagne am HORECA-Sektor ugekënnegt gouf. Kooperatioungesprécher mat alle concernéierte Ministèren (Ëmwelt-, Konsumenteschutz-, Mëttelstandsministère) an Akteure gouf et awer schon, sou dass d'Campagne 2020 ka weider ausgeschafft ginn.



2.3. Esch 2022

Am Summer 2019 huet d'EBL de Projet „Plants, Plants, Plans and Pants“ agereecht, fir bei der Kulturhapstad Esch 2022 matzemaachen.



D'Iddi war et, fir 2 héich anthropiséiert, steril an onbenotzte Brochflächen op Esch-Belval ëmzewandelen an 2 attraktiv, natierlech a kënschtlerech gestalten Opthaltsflächen. Zesumme mat de Landschaftsarchitekter vum Espace & Paysages S.A. sollten déi 2 Fläche mat eenheemesche Blummewisesom ageséint ginn. Zousätzlech dozou sollte verschidde Konschtojeten installéiert ginn, déi sech mam kulturhistoreschen an awer och natierlechen lerve vum Site Esch-Belval befaassen an d'Leit esou op eng visuell flott Art a Weis an d'Theme Kultur & Natur aféiere sollten. Am November koum d'Äntwert, dass de Projet „en suspens“ wier an Upassunge néideg wiere, fir dass ee vum comité de lecture vun Esch 2022 gréng Luucht kéint kréien. Do dernierwt gouf d'EBL awer och gefrot, fir an den Aarbechtsgruppe vun Esch 2022 matzeschaffen, déi sech domat beschäftegen, aus dem Kulturjoer e „Green Event“ ze maachen. Heizou gouf et schon en Austausch an d'EBL wäert do berodend zur Säit stoen.

2.4. LUGA 2023



D'EBL ass staark drun interesséiert un der Gartenschau LUGA 2023 deelzehuelen, déi jo an 3 Joer an der Stad Lëtzebuerg stattfanne soll. Virun allem den Aspekt vun „ouni Pestiziden“ ass an deem Kader ganz interessant an de Comité vun der LUGA wëll der Ëmweltfrëndlechkeet vun dëser Gaardeschau och e grouse Stellewäert agestoen. Am November huet d'EBL dofir un der Optaktveranstaltung deelgeholl an Input zu méigleche Projete ginn. Insgesamt waren 160 Leit do präsent an et goufen iwwer 400 Projetsiddien identifizéiert. Am Fréijoer 2020 soll et weidergoen an d'EBL steet weiderhin berodend fir fachlechen Input bei der Organisatioun vun der LUGA zur Verfügung.

Publikatiounen

1. Infografiken

Am Joer 2019 huet d'EBL insgesamt 5 Infografiken publizéiert. D'Thema waren déi folgend: Trennung ouni Trennungsschmerz Versiounen 1 an 2 (béides iwwer eng richtig Offalltrennung), lästeg Summergäscht (iwwer Harespelen) an Déif duerchhootmen (fir eng besser Loftqualität).



Insgesamt ginn d'Infografike vu 40 Gemengen a 4 Partnerassociatiounen vun der EBL (SDK, CFL, Wunnéngshëllef, Naturpark Our) regelméisseg genotzt.

Den direkte Feedback op d'Infografike läit bei ca. 50% an ass duerchaus positiv. Natierlech ass et nëmme ganz schwéier fir erauszefanne, wou d'Infografiken iwwerall publizéiert goufen oder wéivill Leit se gesinn a gelies hunn, mee et léisst sech awer am Allgemengen eng steigend Tendenz bei de gedeelte FB-Posts oder de Publikatiounen am Gemengebuet feststellen.

Doriwwer eraus gëtt et regelméisseg extra Demanden, op déi d'EBL flexibel vu Fall zu Fall réagéiert:

- D'SDK huet d'Infografik „Déif duerchhootmen“ ugefrot fir eng Hors-série vun der 4x3 Revue (InfoGreen).
- D'Ëmweltverwaltung huet d'Infografik „Déif duerchhootmen“ ugefrot a krut.
- Den Oekozer Pafendall huet d'Infografik „Ekologeschen Internet-Meeschter“ ugefrot a krut, fir se a senger Workshops iwwert Energieeffizienz ze benotzen (en Deel iwwert Handy- a Medienkonsum). De Feedback war extrem positiv an si hunn ugefrot, fir Infografik och op www.oekotopten.lu ze benotzen.
- Transition Uelzechtdall huet d'Infografiken „Ekologeschen Internet-Meeschter“ a „Manner Luuchteb“ ugefrot a krut a proposéieren eis ‚en contre-partie‘ d'Iwwersetzung op Englesch ze maachen.
- Ganz positive Retour och vun de Collaborateuren, déi mat un den Infografike geschadht hunn a mam Logo mat drop stinn : LIST, Naturpark Our, MECDD.
- De CGDIS war begeeschtert vun der Infografik iwwert Harespelen an huet se ugefrot (a krut) fir an all de CGDIS-Zenteren iwwer an iwwer déi sozial Medien ze kommunizéieren.
- D'Caritas huet d'Infografik „Krunnewaasser vs. Fläschewaasser“ ugefrot a krut.
- D'Wunnéngshëllef asbl huet d'Infografik „Offalltrennung a Residenzen“ ugefrot a krut a gouf duerno Member bei der EBL.

2. Recycling- a Ressourcebuch

Op Ufro vum SICA hin gouf décidéiert, eist Recycling-Buch, wat schonn iwwer 20 Joer al ass, komplett ze iwwerschaffen a nei erauszebréngen. Den Design vum Buch gëtt vum Illustrator Drazen Medakovic gemaach, den Inhalt gëtt an Zesummenaarbecht mat den Offallsyndikater, der SuperDrecksKëscht, der Ëmweltverwaltung an dem Edukatiounsministère réaliséiert. En éischte Print vu 500 Exemplairen gëtt vun deene selwechte Partner finanzéiert. D'Publikatioun ass fir 2020 virgesinn.



© Medakovic Drazen



© Medakovic Drazen

Weider Tätigkeeten an Aktivitéiten

1. Klimapakt & Klimapakt 2.0

Enn 2020 leeft de Klimapakt 1 aus, soll awer ab 2021 nei opgeluecht an domat och weidergefuert ginn. Dëse Klimapakt 2.0 soll opgrond vun den Erfahrungen aus der éischter Versioun inhaltech opgeschafft, adaptéiert an erweidert ginn. An engem Echange mam Klima-Bündnis Lëtzebuerg, CELL an dem IMS (Co-Akteure vum Klimapakt), gouf Kritik un der Zesummenaarbecht mat Myenergy virun allem am Beräich vun der Kommunikatioun am Kader vum Klimapakt geäußert. Duerch eng reng Post-Informatiounspolitik vu Myenergy blouf e préalabelen, konstruktiven a gemeinsamen Austausch tëscht alle Partner leider gréisstendeels aus. Dëst huet zu Konflikter op Projetsniveau an zu allgemnger Onzufriedenheet bei de Partner gefuert. An engem gemeinsame Brëif un d'Ëmweltministesch an den Energieminister hunn dës Partner am Dezember no engem klärende Gespréich mat dësen Instanzen gefrot, fir weider Spannungen ze entschäerfen an eng gemeinsam Approche fir d'Ausschaffen an Duerchféiere vum Klimapakt 2.0 ze fannen.

D'EBL well och weiderhinn als Partner am Klimapakt tätig sinn a gesäit seng Roll bei der konkreter Hëllefstellung bei Projeten, bei der Vernetzung, der Verbreedung vu Good Practices a bei der Formatioun vun de Klimaberoder an aneren Akteuren. Dëst entsprécht och der allgemenger Missioun vun der EBL, sou wéi se souwisou an eise Statuten définéiert ass. Wéi genee d'EBL elo am Klimapakt 2.0 wäert agebonne sinn, wäert d'Reaktioun vun de concernéierte Ministèren a vu Myenergy weisen.

2. Commodo-Incommodo

D'EBL kritt regelméisseg Ufroen vu Gemengen zur Commodo-Prozedur. Op der enger Säit ginn et eis eenheetlech Formularen zu der Klass 2 an op der anerer Säit hu mer e puer Arrêté-types, déi mer de Gemengen als Virlag zur Verfügung stelle kënnen. Béd Saache wäeren awer ze aktualiséieren an ze erweideren. Allerdings stellt sech d'Fro no der Sënnhaftegkeet vun der Klass 2 an der Responsabilitéit vun de Gemengen. Dofir huet d'EBL d'Fro relancéiert, déi mer scho virun e puer Joer an enger Réunioun zu deem Thema beim Syvicol gestallt haaten: Soll d'Klass 2 nach an der Responsabilitéit vun der Gemeng bleiwen oder net? Vill Gemengen hu Problemer mat de Commodo-Genehmegungen, och well oft déi néideg Kompetenz feelt (verschidde Gemenge kréie nëmme ganz seelen eng Demande). D'ITM oder d'Ëmweltverwaltung sinn do vill besser opgestallt an hu vill Erfahrung. Dës Frostellung sollt an engem Austausch mat de Gemengen diskutéiert ginn, wat awer leider net méi 2019 réaliséiert konnt ginn. D'Thema bleift awer weider um Radar.

3. Aktioun Nohaltegkeet

D'Aktioun Nohaltegkeet ass eng Plattform fir nohaltegt Handeln zu Lëtzebuerg, op där Artikelen, Links an Informatiounen zu nohaltegen Initiativen am Land verëffentlecht ginn. Finanzéiert gouf d'Plattform, déi am Zesummenaarbecht mat enger Rei Partner (e.a. EBL) ausgeschafft an am September 2019 lancéiert gouf, vun den Initiatoren Uni.lu an dem Nohaltegkeetsrot. D'Koordinatioun an de Suivi vun der Plattform ginn duerch e sougenannte "Steering Group" garantéiert, an deem d'EBL och mat vertrueden ass. D'Kategoriséierung vun den agedroenen Initiative geschitt op Basis vun den

SDGs (sustainable development goals) a ka soumat an Zukunft och als Indikator gëllen, wéieng SDGs hei zu Lëtzebuerg aktiv ëmgesat ginn.

4. Geméis aus de Schoulgäert

Opground vun enger Ufro zur Liewensmëttelverschwendung an zur Offallreduzéierung huet d'EBL eng Recherche gemaach zur Notzung vum Geméis an Uebst aus de Schoulgäert an de Schoulen a Maison relaisen. Op ville Plazen am Land ginn et mëttlerweil Schoulgäert, wou mat de Kanner zesummen Uebst a Geméis ugeplanz gëtt, fir hinnen esou en Ëmweltbewosstsënn ze vermëttelen. Leider ass et oft esou, dass dës Liewensmëttel awer net an de Kantine vun de Schoulen a Maison relaise verschafft a vun de Kanner giess ginn. Zu de Grënn zielen infrastrukturell Problemer (z.B. feelend Plaz an der Kiche, fir „knaschtegt“ Geméis unzehuelen, wouduerch d'HACCP-Normen nët agehal ginn), feelend Responsabilitéit vun de Prestataire (am Fall wou ee géif krank ginn) oder och nach organisatoresch Hürden (Traçabilitéit vun der Hierkunft). Et gëtt awer och Fäll, wou dëst kee Problem duerstellt an d'Uebst a Geméis duerchaus verschafft gëtt. Et gëllt an Zukunft kloer Ausschreibungstexter ze formuléieren, déi e Notze vun dëse Produiten ouni Bedenken erméiglechen. Fir dëst maachen ze kënnen, feelen der EBL nach bestehend Ausschreibungen fir d'Schoulkantinnen. Dëst soll dann an enger nächster Etapp recherchéiert an ausgeschafft ginn.

5. Ecoquartier

Nodeems den Ecoquartier opgrond vun enger Panne (um Server vum IFSB) laang Zäit net accessibel war, ass de Site no laangem Hin an Hier mam IFSB Enn 2019 nees online gaang. Den Design ass allerdings erëm dee vun der éischter Versioun (well dee leschten Design bei hinne verluer gaang ass), mee d'Texter si relativ rezent (3 Joer). Och déi kuerz Videoen, déi deemools an deem Kader ausgeschafft goufen, si net um Site disponibel momentan. Der EBL gehéiert laut Conventioun mam IFSB den Inhalt vum Ecoquartier (den Design gehéiert dem IFSB), sou dass een sech fir eng zukünfteg Weiderentwécklung vum Tool Gedanken iwwer nei Partneriate maache kann.

6. CFL Ëmweltcheck

D'CFL ass säit e puer Joer Abonnent bei der EBL. Hiere Service « sécurité et environnement » (s&e) beschäftegt sech ënner anerem mat den Ëmweltauswierkunge vum Betrib. 2019 huet dëse Service mat der Ënnerstëtzung vun der EBL en « Ëmweltcheck » am Gebei vun der direction générale bei der Gare lancéiert. Grondlag waren eis Erfahrungen aus dem Ëmweltcheck am Héichhaus. D'EBL huet eng Virlag fir e Froebou zur Verfügung gestallt, dee vum Service s&e ugepasst an am Juli online bei der Belegschaft duerchgefouert gouf. 230 Persounen hunn drun deelgeholl a vill Feedback ginn zu ënnerschiddlechen Themen. Aus de Resultater an de Kommentarer vun dëser Ëmfro eraus gouf duerno eng Eco Roadmap fir dat ganz Gebai opgestallt, wou d'Prioritéite festgeluecht goufen. Dës Roadmap gouf dem Personal a Präsenz vun der EBL op engem After-Lunch-Event präsentéiert. D'EBL wäert d'CFL och weiderhi bei der Ëmsetzung vun dësem flotte Projet beroden an ënnerstëtzen.

7. Echange mat der AEV zum Buedenschutzgesetz

Den 3. Dezember 2019 gouf et en intensiven Echange mat der AEV zum Virschlag vum neie Buedenschutzgesetz, wat awer momentan nach beim Staatsrot läit. Nierwt engem inhaltlechen Input vun eise Comitésvertrieder gouf festgehal, dass d'Roll vun der EBL bei der Opbereedung a Weiderleedung vun den Inhalter aus dësem Gesetz un d'Gemenge läit. Et wäert eng administrativ Aarbecht op d'Gemengen duer kommen, fir d'Charakteristika vun de Buedemparzellen an de Geoportail anzedroen. D'EBL soll hei Formatiounen an Hëllefstellungen ubidden, wéi dëst korrekt an efficace gemaach ka ginn.

8. Echange mat CELL, IMS an der Ëmweltministesch zu engem Ëmwelthaus

Am Summer gouf et en Echange mat den Organisatioune CELL an IMS iwwert d'Propose vun der EBL zu engem gemeinsame Standuert, engem „Ëmwelthaus“. D'Iddi ass et, fir Synergien ze schafen, Kooperatiounen ze initiéieren an ze stärken a fir Infrastrukturen a Käschten ze deelen. Dëst wäer eng enorm Plus-Value fir interesséiert Ëmweltassociatiounen an -organisatiounen, déi sech op dës Manéier flott ergänzen a komplementär schaffe kéinten. An dësem éischten Austausch huet jiddereen sech positiv geäußert iwwer d'Iddi vu gemeinsame Raimlechkeeten, allerdings gouf et eng kloer Präferenz fir de Standuert an der Stad Lëtzebuerg ze halen, well dëst awer den zentralen Unzéiungspunkt am Land an fir jidderee mat öffentlechem Transport erreechbar ass. Aus deem Grond huet d'EBL och déi duerchaus interessant Offer vun der Gemeng Suessem, fir sech an hierem neie Bildungshaus um Matgesfeld néierzeloossen, dankbar ofgeleent. Allerdings gesäit d'EBL och e grousst Potential an deem Site an huet der Gemeng proposéiert Atelierer a Formatiounen zu den Themen „Ouni Pestiziden“, „Urban Gardening“,

9. Label „SDK fir Betriber“

D'EBL huet de Prozess lancéiert, fir de Label „SDK fir Betriber“ ze kréien. Well d'Bamhaus jo gemeinschaftlech genotzt gëtt an de Site vun Arcelor-Mittal och verschidde Prozesser schwierig mécht (z.B. Ofhuele vun eegenen Dréckskëschte vum Bamhaus duerch d'Gemeng oder de Lamesch z.B.) hu mer eis fir den Ufank drop beschränkt, just d'Raimlechkeete vun der EBL auszeechnen ze loossen a nach net dat ganz Bamhaus. Dëst kann awer an enger zweeter Etapp geschéien. Zesumme mat der Beroderin vun der SDK gouf d'Konventioun ënnerschriwwen an en Dokumentatiounssystem opgestallt. Den Audit duerch d'SDK an domat och d'Erreeche vum Label si fir 2020 virgesinn.

Seminaren & Veranstaltungen

Iwwerbléck

1. Seminaren

- Ofschlossseminar Energie [light] 2018 - 30/01
- Multiplikatorenseminar Energie [light] 2019 - 31/01
- Wéi soen ech et menge Kollegen – Energie [light] - 11/04
- Geméisgaart Ouni Pestiziden zu Schëffleng - 04/05
- Etude d'évaluation des incidences sur l'environnement (EIE) - 27/05
- Stadtplanung & Klimawandel I - 10/07
- Öffentliche Verwaltung als Energiespasmotor - 25/09
- Tëschebilan Seminar Energie [light] 2019 - 26/09
- DoubleClick – Digitalisatioun méi nohalteg gestalten - 06/11
- Stadtplanung & Klimawandel II - 20/11
- Energiesparen in Gebäuden – Praktisches Anwenderwissen - 12/12

2. Veranstaltungen

- Ëmweltwochen Suessem – Schoul ouni Plastik - 05/03
- EMIL-Fréijoersbotz, Hesper - 16/03
- MiniMakerFaire, Rosport - 18+19/05
- Wëllblummewisen-Atelier fir Kanner, Biodiversum - 18/05
- Mertzig4all, Mertzig - 04/06
- Fest vun der Natur, HvdN - 15-16/6
- Birdwatchday, Biodiversum - 05/10
- Kompensation von Eingriffen in die Natur und Landschaft, SICONA - 10/10
- Alternativen zu de Pestiziden am Haushalt a Gaart, Schieren - 10/12

Seminaren (Détail)

Ofschlosseminar Energie [light] 2018 (30/01)

- * Plaz: Oekozynter Pafendall
- * Dauer: 1 Dag
- * Participants: 11
- * Partner: Klima-Bündnis Lëtzebuerg
- * Riedner: Hubert Grobecker (e&u Energiebüro)
- * Inhalt: Analyse vun den Energieverbräich 2018
Wat ass gutt gelaf, wat schlecht?
Thema Energiespuere a Schoulgebeier
Thema Energiemonitoring
Echange iwwer Weiderféierung 2019



Multiplikatorensminar Energie [light] 2019 (31/01)

- * Plaz: Bamhaus Project-Room, Dummeldeng
- * Dauer: 1 Dag
- * Participants: 15
- * Partner: Klima-Bündnis Lëtzebuerg
- * Riedner: Hubert Grobecker (e&u Energiebüro)
- * Inhalt: Aféierung an de Projet Energie [light]
Grondlagen (Energiekäschten, -management)
Hëtzes (Temperatur, Lëften)
Stroum (Beliichtung, elektresch Geräter)
Kommunikatioun (Notzerverhalen, Motivatioun)



Wéi soen ech et de Kollegen – Energie [light] (11/04)

- * Plaz: Oekozynter Pafendall
- * Dauer: ½ Dag
- * Participants: 13
- * Partner: Klima-Bündnis Lëtzebuerg
- * Riedner: Gilbert Graf
- * Inhalt: Virstellungsronn an Introductioun
Transaktiounsanalys (Elteren, Adulte, Kand)
Konzept Gewaltfräi Kommunikatioun
Beispill (Situatiounsanalys, Gefill, Besoin, Bitte)
Echange



Geméisgaart Ouni Pestiziden zu Schëffleng (04/05)

- * Plaz: Schëffleng, Op Huddelen
- * Dauer: ½ Dag
- * Participants: 23
- * Partner: Gemeng Schëffleng
- * Riedner: Marianne Kollmesch (EBL)
- * Inhalt: Grondlagen zum pestizidfräie Geméisgaart, Mëschkultur, Theorie & Praxis, Froën & Äntwerten



Etude d'évaluation des incidences sur l'environnement (27/05)

- * Plaz: Bamhaus Project-Room, Dummeldeng
- * Dauer: ½ Dag
- * Participants: 23
- * Partner: MECDD
- * Riedner: Philippe Peters (MECDD)
- * Inhalt: Legale Kader
Projeten
Prozedur
Rapport d'évaluation
Travaux d'aménagement urbain



Stadtplanung & Klimawandel I (10/07)

- * Plaz: Drescherhaus, Dummeldeng
- * Dauer: 1 Dag
- * Participants: 38
- * Riedner: Guy Spanier (Schëffleng), Bruno Alves (MECDD)
Claude Meisch (AGE), Claude Wagner (Logement)
Pierre Dornseiffer (AEV)
- * Inhalt: Stadklima an d'Auswirkungen op de Mensch
Klimaupassungsstrategie
Stadklima an der Raum- & Stadplanung
Staarkreen, Loftqualität



Öffentliche Verwaltung als Energiesparmotor (25/09)

- * Plaz: INAP
- * Dauer: 1 Dag
- * Participants: 13
- * Partner: INAP, Stad Lëtzebuerg
- * Riedner: Hubert Grobecker (e&u Energibüro)
- * Inhalt: Energieverbrauch, -käschten & -management
Hëtzen & Lëften
Stroumverbraucher
De Faktor Mensch
Praxisprojeten



Tëschebilan Seminar Energie [light] 2019 (26/09)

- * Plaz: Bamhaus-Kino, Dummeldeng
- * Dauer: 1 Dag
- * Participants: 6
- * Partner: Klima-Bündnis Lëtzebuerg
- * Riedner: Hubert Grobecker (e&u Energiebüro)
- * Inhalt: Wat gouf bis elo gemaach?
Wat ass gutt gelaf a wat ka verbessert ginn?
Witterungsberengung
Tëschenanalyse & weider Ziler am Projet



DoubleClick – Digitalisatioun méi nohalteg gestalten (06/11)

- * Plaz: Drescherhaus, Dummeldeng
- * Dauer: 1 Dag
- * Participants: 43
- * Partner: Caritas Lëtzebuerg, Studio Moloko
- * Riedner: Felix Sühlmann-Faul, Niklas Jordan, Jean-Louis Zeyen, Julia Georgi, Corine van Reeuwijk, Stéphane Alves, Nicolas Leiritz, Michel Wilwert
- * Inhalt: Digitaliséierung, Risiken & Potential
Social Pitches (Beschaffung & Erneuerung)
Konkret Handlungsbeispiller



Stadtplanung & Klimawandel II (20/11)

- * Plaz: Drescherhaus, Dummeldeng
- * Dauer: 1 Dag
- * Participants: 51
- * Riedner: Paul Schosseler, Prof. Dr. Andreas Matzarakis, Prof. Dr.-Ing. Susanne Hartard, Christian Kotremba, Perry Arrensdorff, Laura Alldis, Guy Spanier, Dr. Andreas Krein, Dr. Jürgen Junk
- * Inhalt: Mehrwert schaffen durch systemische Planung
Seniorenrecht Anpassungen an den Klimawandel
Gestaltung von Plätzen, Urban Begrünung
Klimafreundliche Landschaftsarchitektur, Luftqualität
moosen, Städteplanung, Anpassungsstrategien



Energiesparen in Gebäuden – Praktisches Anwenderwissen (12/12)

- * Plaz: INAP, Stad Lëtzebuerg
- * Dauer: 1 Dag
- * Participants: 10
- * Partner/Riedner: Hubert Grobecker (e&u Energiebüro)
- * Inhalt: Gronlagen (Rappel)
Verbrauchsbewertung (Erfassung & Auswertung)
Heizungsregelung (Temperaturverlauf, Heizkurve)
Stromverbrauch (Kennwerte zur Berechnung)
Kommunikation (Gesprächsregeln & Modelle)



Veranstaltungen (Détail)

Ëmweltwochen Suessem – Schoul ouni Plastik (05/03)

Dëst Event gouf vun der Gemeng Suessem organiséiert am Kader vun hieren Ëmweltwochen. E ganze Koup Akteuren hunn drun deelgeholl an et war haaptsächlech un d'Léierpersonal aus der Gemeng an aus de Nopeschgemenge gericht. D'EBL huet d'Virtragsrei moderéiert an uschléissend ee Workshop ofgehal.



EMIL - Fréijoersbotz, Hesper (16/03)

Op dësem Ëmweltdag, dee vun der Gemeng Hesper organiséiert gouf, haat d'EBL en Infostand zum Thema Ouni Pestiziden an huet e kleng Mol- a Bastelatelier fir Kanner organiséiert, bei deem Biller mat Waasserfaarwe gemoolt goufen an duerno mat eenheemeschem Blummesom gepscht goufen. Dës Biller kënnen „ageplanzt“ ginn an et wisst eng Blummewiss doraus.



MiniMakerFaire, Rosport (18+19/05)

Zu Rousport war dës MiniMakerFaire, bei där eng Rei Akteuren hier Projeten am Kader vu de MakerSpacen an de Schoule presentéiert hunn. D'EBL war am Kader vum Transforma-Projet vertrueden an huet Reklamm fir de pädagogesche Schachtel-Projet gemaach, dee ganz ëm d'Zirkularekonomie dréint.



Biodiversitätswoch am Biodiversum (18/05)

Am Kader vun der Biodiversitätswoch huet d'EBL en Atelier fir Kanner zum Thema Wëllblummewisen organiséiert, fir d'Campagne Ouni Pestiziden. D'Kanner hunn e Bild mat Blumen an Insekten gemolt, an duerno Blummesomen drop gepächt. D'Bild ass fir doheem op de Buedem ze leeën a wuessen ze loossen.



Mertzig4all (04/06)

D'EBL huet am Juni un der Optaktveranstaltung vum Projet Mertzig4all deelgeholl. Eis Membergemeng Mäerzeg wëll déi éischt Gemeinwohl-Ökonomie-Gemeng am Land sinn an dëse Wirtschaftsmodell promovéieren, dee net d'Suen, mee d'Wuel vun der Gemeinschaft an de Viirdergrong réckelt. Op dëser gutt besichter Veranstaltung, bei där de Christian Felber (Auto vum Buch Gemeinwohl-Ökonomie) e Virtrag gehalten huet, huet d'EBL d'Leit zum Thema Ouni Pestiziden opgekläert.



Fest vun der Natur (15-16/06)

Wéi och schonn dat Joer virdrun huet d'EBL och 2019 erëm um traditionelle Fest vun der Natur deelgeholl, dat all Joers vu natur&ëmwelt beim Haus vun der Natur organiséiert gëtt. Mir ware mat engem flotte Stand vertrueden an hunn d'Leit zum Thema Ouni Pestiziden informéiert.



Birdwatchday (05/10)

2018 war d'EBL eng éischte Kéier mat engem Infostand um Birdwatch-Day am Biodiversum vertraueden. Dëst Joer huet d'EBL mat engem anere Stand deelgeholl an de Kanner d'Thema „Buedem“ méi no bruecht mat de Panneauë vun eiser flotter Buedemausstellung. E Gänsespill mat Froë fir déi Jonk a manner Jonk huet d'Thema Buedem, Biodiversitéit a Villercher op eng spilleresch a pädagogesch Art a Weis verbonnen. Als Gewënn hu mer Somtiitercher vun der Campagne Ouni Pestiziden verdeelt.



Kompensation von Eingriffen in die Natur und Landschaft (10/10)

Dës Veranstaltung gouf vum SICONA organiséiert an duerchgefouert an d'EBL war Co-Partner vun dësem Event, dee vun eis mat propovéiert gouf. Moies gouf et eng Rei Virträg fir de Participanten de Prinzip vun der Kompensatioun a vum Flächepool ze erklären. Mëttes stoungen eng ganz Rei Visite mam Bus um Programm, wou dann déi praktesch Ëmsetzung vun esou Kompensatiounsmosnamen gewise gouf.




Alternativen zu de Pestiziden am Haushalt a Gaart, Schieren (10/12)

Am Dezember war d'EBL als Riedner op enger Konferenz zum Thema „Alternativen zu de Pestiziden am Haushalt an am Gaart“ zu Schieren. Dës Konferenz gouf vun der Ëmweltkommissioun vun der Gemeng Schieren an Zesummenaarbecht mat Gaart an Heem organiséiert. Nierwt dem Virtrag gouf och eis Ouni Pestiziden Ausstellung opgestallt.



D'Team vun der EBL ass och 2020 fir lech do!
Zesumme fir eng gesond Ëmwelt!



Teambuilding-Event vun der Bamhaus-Community : Klammen am Red Rock Center zu Zolwer. E flott Erlefnis, un deem och d'EBL als Bamhaus-Résident deelgeholl huet.